



**Réponse de Sam Tanson, Ministre de la Justice
à la question parlementaire n° 6937 du 30 septembre 2022 de l'honorable député
Roy REDING**

- 1) an 3) D'Praxis déi doranner bestanen huet e Ministre des cultes oder Conseiller moral an d'Zellen vun de Prisonéier eran ze loossen, gouf während der COVID Pandemie agestallt. Et gëtt aktuell gekuckt ënnert wéi engen sanitären an Sécherheetskonditiounen dëst nees soll erméiglecht ginn. Aktuell kënnen d'Ministres des cultes an d'Conseillers moraux hier Gespräicher mat de Prisonéier an verschiddenen Bureau'en an an de Parloiren féieren.
- 2) D'Reliounsfräiheet, déi zu de fundamentalen Mënscherechter zielt, ass deemno weider assuréiert. Déi agréiert Ministres des cultes an Conseillers moraux kënnen sech fräi an esou oft sie wëllen mat de Prisonéier ënnerhalen.
- 4) D'Kontroll vun der schrëftlecher Korrespondenz ass duerch den Artikel 25 vum Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwert d'Prisonsreform geregelt. D'Exceptiounen zu der Kontroll sinn explizit am Artikel opgefouert an d'Conseillers moraux an d'Ministres des cultes falen net drënner.
- 5) Aktuell sinn eng 10 Ministres des cultes a Conseillers moraux (cultes catholique, israélite, musulman, orthodoxe) agréiert fir an den Prisongen z'intervenéieren. Den Terme "intervenants culturels" ass den Autoritéiten net bekannt.
- 6) Et gëtt keen Budget fir d'Formatioun fir eng Aumônerie vum Staat. Wann de neien Règlement interne vun den Prisongen bis akraaft ass, ka gekuckt ginn wéi een de Problem am beschten léist zum Beispill iwwert den Wee vun enger Konventioun mat deenen concernéierten Acteuren. Duerch dës Konventioun kéint och de Finzement geregelt ginn. An deem Sënn huet eng Réunioun mam Conseil des Cultes conventionnés den 17. November 2021 stattfonnt wou ausgemaach gi war, dass de Conseil des Cultes conventionnés dem Justizministère e Projet vun enger Conventioun sollt ënnerbreeden. Dëse Projet ass elo am Oktober era komm an gëtt aktuell intern analyséiert.
- 7) An den Prisongen ginn et gratis Bibliothéiken fir d'Prisonnéier, wou och reliéis Bicher (vun den agréierten Cultes) zur Verfügung gestallt ginn. Eng separat Bibliothék fir eng spezifesch Konfessioun ass dofir net néideg.

Lëtzebuerg, den 3 November 2022.

D' Justizministesches

(s.) Sam Tanson